



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

Réponse du ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire à la question parlementaire n° 7785 de Monsieur le Député Sven Clement

Ad. 1

Effektiv ass et zur Zäit aus informatesche Grënn net méiglech 2 Versiounen gläichzäiteg ze bezuelen, well de Risiko besteet, dass de ganze Paiement blockéiert gëtt. Dofir leet d'ADEM aktuell déi nei Versioun eréischt un, nodeems déi éischt Versioun ausbezuelet ass. Allerdéngs huet d'ADEM och schon en eenzele Paiement duerchgerechent an dorop eng Avance bezuelet, déi da mat der neier Versioun verrechent gouf.

D'ADEM ass sech dëser Problematik bewosst. Duerch d'Implementatioun vun der Plattform eADEM (a priori ab Mëtt 2024) wäert dës Contrainde an Zukunft net méi existéieren.

Ad. 2

Bis elo hat d'ADEM an deem Kader zwee Paiementer am Mount. Wann awer gesi gëtt, dass d'Leit wirklech net déi zwou Woche kënnen ofwaarden, besteet d'Méiglechkeet eng Avance ze bezuelen éier de monatlechen Dekont berechent a bezuelet gëtt.

Ab Abrëll 2023 féiert d'ADEM 3 Paiementer am Mount an – dee Moment gëtt de 5. Schaffdag, den 10. Schaffdag an den drëttleschte Schaffdag bezuelet. Esou sinn d'Délaien tëscht de Paiementer manner laang a färdeg Dossieren kënnen méi séier bezuelet ginn.

Ad. 3

Wann déi initial Period vum Chômage am Mount M ausleeft, gëtt déi entspreichend Indemnitéit Ufank vum Mount M+1 ausbezuelet, an dann eréischt kann d'Verlängerung vum Chômage traitéiert ginn. Den éischten Deel vun der Verlängerungsperiod (Rescht vum Mount M) gëtt dann Enn vum Mount M+1 ausbezuelet.

Deemno kann den Délai zwëschent dem leschte Paiement vum Schluss vun der initialer Period vum Chômage an dem éischte Paiement vum Ufank vun der Verlängerungsperiod vum Chômage, bis 1 Mount sinn.

Den neie System eADEM wäert d'Berechne vun der Verlängerungsperiod vum Chômage virgesinn, nach éier déi lescht Period vun der initialer Chômageperiod ausbezuelt ginn ass – dëst fir keen Delai méi beim Ausbeziele vun den Indemnitéiten am Fall vun enger Verlängerung ze hunn.

Luxembourg, le 17 avril 2023

(s.) Georges ENGEL
Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie
sociale et solidaire